N°2523
Entrée le 01.09.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

**Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil Max Hahn op d'parlamentaresch Fro n°2523 vum honorabelen Deputéierten Jean-Paul Schaaf iwwer d'Accessibilitéit vun ëffentleche Plazen.**

<u>1. Geet et an enger Zone de rencontre, wou keng Trotoiren existéieren an de Stroosseraum vu jidderengem gedeelt gët, duer, wann d'Adaptatioune vun de Marquage fir Persoune mat enger visueller Behënnerung op de Kräizungen, a bei den Zougäng an dëser Zone gemaach ginn – oder musse keng taktil Placken agebaut ginn?</u>

D'Accessibilitéitsgesetz vum 7. Januar 2022 viséiert den Neibau oder gréisser Ëmbaute vum ëffentleche Stroosseraum, an net de Bestand vun de Voies publiques.

De Règlement grand-ducal du 8 février 2023 relatif à l'accessibilité à tous des lieux ouverts au public et des voies publiques schreift net spezifesch vir, dass Leitlinne musse benotzt ginn, just dass wann der benotzt ginn, dës der am Reglement beschriwwener Norm entsprieche mussen. E Grondprinzip vun enger Féierung fir Persoune mat enger visueller Beanträchtegung ass awer dass dës duerchgehend garantéiert ass an net nëmme punktuell.

Leitlinne sinn awer en règle générale déi manner gutt Léisung. Architektonesch Elementer ewéi eng Mauer, eng Fassad oder den taktile Kontrast tëschent engem Makadamm an enger Wiss sinn an der Reegel mam Bengel vill méi liicht ze erfaassen ewéi 5 mm héich Noppen oder Linnen.

<u>2. Wéi eng konkret Reegele gëllen am Beräich vun den taktilen Placke fir eng Foussgängerzon a fir ëffentlech Plazen?</u>

Déi konkret Reegelen déi am Beräich vun den taktile Placke gëlle ginn am Artikel 22 "Système de guidage tactile" vum Règlement grand-ducal du 8 février 2023 relatif à l'accessibilité à tous des lieux ouverts au public et des voies publiques beschriwwen.

Fir en Zougang zu konforme Materialien ze garantéieren, entspriechen déi opgefouert Reegelen der däitscher DIN 32984 "Bodenindikatoren im öffentlichen Raum". D'Gesetz erlaabt grondsätzlech awer ëmmer eng Solution d'effet équivalent. Dëst heescht dass all Léisung ka gebraucht ginn, déi et erméiglecht d'Ufuerderungen ze erfëllen andeems aner Mëttel wéi déi, déi am Gesetz an an de Reglementer virgesi sinn, ka benotzt ginn, soulaang d'Féierung fir Persoune mat enger visueller Beanträchtegung garantéiert ass.

3. Bis wéini hunn d'Gemengen nach Zäit, fir hir ëffentlech Strosseräim no de Reegele vum Gesetz unzepassen?

Wéi virdrun erkläert, ass de Bestand vum ëffentleche Stroosseraum net vum Accessibilitéitsgesetz betraff, mä eréischt wann et sech ëm en Neibau oder gréisser Ëmbauten handelt. Als solches brauch den am Gesetz als "voie publique" opgefouerte Stroosseraum net ugepasst ze ginn.

4. Ween ass en Charge vun de Kontrolle vun de baulechen Upassungen am ëffentlechen an am private Beräich?

D'Kontroll vun de baulechen Upassungen ass garantéiert duerch e "Certificat de conformité des exigences d'accessibilité", dee vun engem Contrôleur technique en accessibilité ausgestallt gëtt. An enger éischter Phase als "Certificat de conformité des plans" dee bei der Baugeneemegung muss bäi leien an, an enger zweeter Phase, als "Certificat de conformité des travaux" wann d'Aarbechten ofgeschloss sinn.

5. Gesäit de Minister nach eng Informatiounscampagne fir all Bauträger fir?

Reegelméisseg Informatiounscampagne goufen a gi weiderhin organiséiert. Zesumme mam OAI ginn Erfarungswäerter a Beispiller vu "Good practices" an engem Vademecum vum OAI zesumme gesat.

Cibléiert Informatiounscampagnë fir divers Beräicher vum ëffentleche Liewe goufen a ginn och weiderhin no an no organiséiert fir op déi verschidden Terminer a Fristen opmierksam ze maachen. Des Weideren sinn um Internetsite www.accessibilite.lu all déi relevant Informatiounen ze fannen.

Lëtzebuerg, den 1. September 2025

Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn